



Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie et ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, Franz Fayot à la question parlementaire n°6266 du 30 mai 2022 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet des contrats avec la société RSS-Hydro

De Wirtschaftsministère ass net Client bei RSS-Hydro an huet an där Form keng Geschäftsbeziung mat RSS-Hydro.

Wat Bähëllef vum Wirtschaftsministère ugeet, war respektiv ass RSS-Hydro op Grond vun de bestoende gesetzleche Bestëmmunge fir folgend Ënnerstëtzungen eligibel :

- Fuerschung an Entwécklungsbähëllef fir den Developpement vun engem Service fir mat enger Drone den Impakt vun der Dréchent op d'Vegetatioun z'observéieren. Déi Hëllef gouf am Februar 2021 accordéiert. Eng éischt Tranche gouf am November 2021 ausbezuelte an déi zweet gëtt den Ament bearbecht.
- Neistart Hëllef fir Investitiounen während der COVID-Krise fir eng Hightech-Drone déi et erméiglecht nei Servicer unzebidden. Déi Bähëllef gouf am September 2020 accordéiert. Dës Aide ass nach net ausbezuelte well dofir bis haut nach keng Demande vun RSS-Hydro virläit.
- COVID-19 Nouthëllef fir Mikro-Entreprisë vun 5.000 EUR gouf am Mee 2021 ausbezuelte.
- Am Kader vum Fit4Start Programm ass RSS-Hydro am Januar 2022 zrëckbehale gi fir um Track « HPC & Data Analytics » vun dësem Programm matzemaachen. Am Kader vum Fit4Start Programm kritt d'Firma an enger éischter Etapp eng Bähëllef vun 50.000 Euro wëll se fir de Programm selektionéiert gouf. Dës Bähëllef ass um Punkt ausbezuelte ze ginn. Zousätzlech Bähëllef vun bis zu 80.000 Euro an 20.000 Euro kann d'Firma kréie wann se de Programm mat Erfolleg ofschléisst an och selwer neit Kapital mobiliséiert. Am Fit 4 Start "HPC & Data Analytics" kritt d'Firma och e Startpak fir eng limitéiert Notzung vun der High-Performance Computing (HPC) Infrastruktur vu LuxProvide S.A. (Supercomputer MeluXina).
- RSS-Hydro bedeelegt sech och un de Programme vun der ESA, ënnert anerem am Kader vu LuxIMPULSE, dem Lëtzebuerger Programm fir d'Ënnerstëtzung vun der Weltraumfuerschung dee vun der ESA geréiert gëtt. D'Luxembourg Space Agency (LSA) ass reegelméisseg mat der Firma RSS-Hydro a Kontakt fir den technesche Suivi vun dëse Programmen ze maachen.

RSS-Hydro huet och am Dezember 2021 beim COPEL eng Bähëllef ugefrot an kritt fir Käschte vun der Participatioun op enger Foire am Ausland ze co-finanzéieren.

D'Firma hellt och um Programm "Business Partnership Facility" vun der Direktioun fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Aktioun Deel a krut an deem Kader eng Bähëllef zougesprach fir e Projet am Zesammenhang mat enger besserer Notzung vum Waasser duerch eng Modellisatioun vum Floss Niger.

An der Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°6267 vum 30. Mee 2022 gouf präziséiert, dass kee Regierungsmember Drock op den Employé vun RSS-Hydro oder d'Firma selwer gemaach huet.

Luxembourg, le 17/06/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot